ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Kader vun den Energiesanktioune géint Russland, gëtt och de verstäerkten Import vum amerikanesche Flësseggas LNG, deen iwwert déi ëmstridde Fracking-Method gewonne gëtt, als potenziell Alternativ diskutéiert.

An deem Zesummenhang géing ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Verfüügt d'Regierung iwwert eng Vergläichsetude, déi de vollstännegen ekologesche Foussofdrock vum Uelegimport iwwer Pipeline an dem Import vum amerikanesche Flësseggas dokumentéiert? Falls net, gesäit d'Regierung vir, zäitno eng entspriechend Etude an Optrag ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten